UPDATE

Datum : Dënschdes, de 17 Mäerz 2020
Destinatär : ganz Communautéit scolaire
Objet : wichteg Informatiounen un eis Schüler COVID-19

NOTE DE SERVICE

KENG VAKANZ MEE SCHOUL DOHEEM

Léif Schüler, léif Enseignanten,

Di nächst 2 Wochen hu mer d'Geleeënheet an d'Flicht eis voll a ganz op den E-learning ze konzentréieren.

Mir si gutt virbereet well di allermeescht Schüler vum Mamer Lycée hier eegen Tablette hunn.

Dofir géing ech folgend Punkten nach eng Kéier kloer rappelléieren.

- Denkt drun fir all är Bicher, Hefter an den iPad mat Heem ze huelen.

- **Mir erwaarden vun all Schüler dass en all Dag**

  - seng myschool E-Mail-Adress liest
  - d'elektronescht Klassebuch wou d'Aufgaben an d'Contenuen dra stinn di se léiere sinn
  - säin Teams Grupp consultéiert
  - reegelméisseg schafft a seng Aufgabe mécht a vill liest

- An der Woch vum 30. Mäerz (virun der Ouschtervakanz) ass rëm normal Schoul bis Freides (sauf avis contraire vun der Inspection sanitaire).

- Den Trimesterschluss ass no der Ouschtervakanz!

- Wichteg Informatioune fannt dir ëmmer um Site www.ljbm.lu.

- Schüler kennen op Rendez-vous an d'Schoul kommen, falls si eppes vergiess hunn (an der LOGE unruffen an ee Rdv huelen 26 31 40 304) bis Mëttwoch de 18 Mäerz inclus!

- Ech soen Iech elo schonn ee grousse Merci dass dir alleguer an dëser besonnescher Situatioun responsabel a solidaresch handelt fir dem Coronavirus d'Stier ze bidden an trotzdeem vill an deenen 2 Woche wäert léieren.

Ech hoffen natierlech och dass dir an är Familljen alleguer gesond bleift, a wënschen Iech vill Courage !

Claude Christnach
Direkter